

ROLF SCHMITT

Dee gebiertegen Gonnerenger huet no der Primaireschoul d'Handwierkerschoul besicht an do fir Elektriker geléiert. Duerno stoung natierlech d'Meeschterprüfung um Programm, mee well de Rolf onbedéngt wollt studéieren goen, huet hien decidéiert d'Première nozemaachen, an zwar zu Mannheim. Dorunner gouf ee Joer Physikstudium zu Heidelberg gehaangen, an du goug et op Darmstadt wou hien 3 Joer laang Architektur studéiert huet. Parallel dozou huet de Rolf awer och zu Gonnereng, nom Doud vu sengem Papp, am Joer 1982 d'Zone artisanale organiséiert an opgebaut. Seng Fra Marylène hat hien 1975 kennegeléiert, an si huet an der Zone artisanale hire Keramikatelier 1984 opgemaach.



De Rolf selwer huet säi Betrib als Elektroinstallateur 1987 opgemaach. Mee eigentlech huet hien ni Elektroinstallatiounen gemaach.

Direkt am Ufank goug et lass mam Entworf an der Planung vu Kichen a Luuchten.

Awer wannechgelift keng gewéinlech Kichen an och keng gewéinlech Luuchten.



D'Kichen war aus Eisen, Bëtong an Holz, a goufen nom Dekonstruktivismus zesummegeallt. De Rolf huet fir d'Realisatioun mat diverse Schräiner zesummege schafft.

D'Luuchten waren aus Glas, Steen, Eisen an Holz. An och si goufen, a ginn, fir d'éischt entworf an dann produzéiert.

An d'Geschäft mam Geliits ass de Rolf esou richtig erakomm, wéi Enn 80 er Ufank 90 er d'Diskotheiken am Land mat

Spanndrotsystem equipéiert goufen, wouopper dem Rolf seng eege produzéiert Luuchten hänke koumen. Eng ganz Partie vun eis hu bestëmmt fréier a verschiddenen Discoen énnert dësen Luuchten gedantz.

Luuchten produzéieren war ee lukratiivt Geschäft, an de Rolf huet sech ganz séier ee Numm gemaach. Hien huet bekannten Architektbüroen mat sengen eege konzipéierte Luuchten equipéiert, mee och a Schoulen, Crèchen, an aneren öffentleche Gebaier an a ville Privathaiser huet de Rolf Schmitt dat richtig Liicht erabruucht.

Ech si gewuer ginn, dass aus Sécherheetsgrënn an öffentleche Gebaier nom „feuilleté“- Prinzip geschafft gëtt.

Bei flaachem Glas gëtt do zb tëscht zwou Scheiwen ee Film ageluecht, deen verhënnert, dass d'Glas –wa mol eppes sollt passéieren- net duerch d'Géigend flitt.



A fir di verschiddegeformte Glasluuchten gëtt d'Glas zesummegebéit, an 3 Schichten iwwereneen, wou dann duerno di mëttelst Schicht nees erausgeholl gëtt, an duerch eng speziell Résine ersat gëtt. De Rolf hat des Technik zu Bréissel geléiert; et ass iwwregens deselwechten Procédé mat deem di viischt Fënsteren vun den TGV- Zich realiséiert ginn. D'Résine suergt derfir dass alles zesammenhänke bleift, am Fall wou eppes géif passéieren.

De Rolf Schmitt realiséiert fir seng Clienten ee sur mesure, geet bei si heem, fir sech e Bild ze maachen, fir ze kucken wéi d'Materialien ronderëm d'Platz wou d'Luucht soll hikommen ausgesinn. Duerno gi Skizzen gemaach a Proposen, an zesammen mam Client ginn d'Luuchten herno op der Platz zesummegeesat, a genee déi Faarf gëtt erausgesicht, di dann am beschte passt.

De Rolf Schmitt huet och haut nach ëmmer eng extrem grouss Passioun fir säin Beruff.

Di speziell, ausgefale Saachen sinn a bleiwen säin Dada. Matt engem breeden Schmunzelen erënnert hien sech un ee bestëmmte Bistro zu Esch (iwwregens hat hien och am Escher Theater 1990 d'Beliichtung an der Buvette realiséiert). An dësem Bistro hat hien eng speziell Konstruktoun mat flaache Steng, an déi eng Bier agesat war, opgehaangen, schwiewend iwwert de Käpp, ganz futuristesche. De Patron war begeeschtert, mee verschidde Clienten hunn dat Futuristescht net esou richtig erkannt, an hunn drop gewaart, dass dach endlech di richtig definitiv Luuchten géifen opgehaange ginn. 😊

Rolf, villmools Merci fir di flott Aféierung an äre Beruff, an ech wënschen nach vill flott Projeten an de nächsten Joren derbäi.



Françoise Hetto-Gaasch
Kulturschäffen